Dépôt: CLEMENT Sven
HA revendications territoriales du président américain
HA intervention militaire Etats-Unis au Venezuela

Lëtzebuerg, den 20/01/2026

1

# Motioun

**D'Chamber vun den Deputéierten stellt fest:**

- Den amerikanesche President mécht zënter Wochen Aussoen a Drohunge vum iwwer eng potenziell Annexioun vu Grönland, engem däneschen Territoire an eng autonome Regioun ënner dänescher Souveränitéit;
- Grönland ass e vollwäertegt Deel vum Kinnekräich Dänemark, engem Grënnerland an engem souveräne Member vun der NATO zënter 1949, an datt d'dänesch Souveränitéit iwwer Grönland am internationale Recht verankert ass;
- Esou Drohunge géint déi territorial Integritéit vun engem NATO-Member stellen e fundamentale Broch mat de Prinzippie vum Nordatlantik-Vertrag duer, besonnesch mam Artikel 5, deen d'kollektiv Verteidegung vun all Alliéierte garantéiert;
- Bedenken, déi vun der grönlännescher Regierung an der dänescher Regierung zum Ausdrock bruecht goufen, wat d'Respektéiere vun hirer Souveränitéit an hirem Selbstbestëmmungsrecht ugeet;
- Den erfollegräiche Bäitrag vu Lëtzebuerg zur NATO Enhanced Forward Presence (eFP) a Litauen, wou Lëtzebuerger Militärpersonal zesumme mat Truppen aus Däitschland, der Belsch, Holland, Tschechien a Norwegen zur kollektiver Verteidegung an Ofschreckung bäidréit;
- Déi legal Basis fir NATO-Friddensmissiounen, wéi se am NATO Strategic Concept vun 1999 etabléiert gouf an an de Strategic Concepts vun 2010 an 2022 bestätegt gouf, déi "Crisis Prevention and Management" als Käraufgab vun der Allianz definéieren;
- De fundamentale Prinzip vum internationale Recht, datt territorial Annexiounen ouni Zoustëmmung

piraten.lu

PIRATEN

vum betraffene Staat illegal sinn, eng kloer Verletzung vun der UN-Charta duerstellen;

- Vun esou Drohungen eng Gefor fir d'Kohäsioun an den Zesummenhalt vun der NATO a fir dat transatlantescht Verhältnis an déi international reegelbaséiert Uerdnung ausgeet;
- D'Noutwendegkeet vu klorer europäescher Solidaritéit mat Dänemark als NATO-Partner an der Betounung, datt d'Sécherheet vun all NATO-Member onantastbar ass

**Aus dëse Grënn invitéiert d'Chamber vun den Deputéierten d'Regierung:**

1. Am Fall, datt eng NATO- oder EU-Friddensmissioun envisagéiert gëtt, fir d'dänesch Souveränitéit iwwer Grönland ze stäerken an d'territorial Integritéit ze schützen, sech dozou ze bekennen, datt Lëtzebuerg bereet ass, sech konstruktiv an aktiv un esou enger Missioun ze bedeelegen, nom Virbild vun eiser aktueller Bedeelegung a Litauen a Rumänien;
2. Déi néideg Ressourcen a logistesch Ënnerstëtzung zur Verfügung ze stellen, fir eng eventuell Lëtzebuerger Bedeelegung un enger Friddensmissioun oder Präsenz-Operatioun a Grönland oder an Dänemark ze garantéieren, am Respekt vun de Kapazitéite vun eiser Arméi.

Sven CLEMENT

Sensibilité Politique Piraten

Chambre des Députés